PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/03/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Digitalisatioun weiderzeleeden.

Ëmmer erëm kënnt et vir, dass héij politesch Vertrieder oder Privatpersounen hieren Telefon gehackt kréien. Dat weist, dass souguer Persounen op héije Poste kënnen ausspionéiert ginn, wann hir Kommunikatioun net verschlësselt ass. D'Donnéeën, déi den Datendéif an dem Fall klaut, kënnen, wann se an déi falsch Hänn geroden, ee grousse Schued uriichten. Virun allem ëffentlech Mandatsdréier, wéi Ministeren, sinn engem héije Risiko ausgesat, ausspionéiert ze ginn. Aus deene Grënn ass et wichteg, dass Volleksvertrieder op héije Posten hir Kommunikatioun verschlësselen, zum Beispill duerch Cryptohandyen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Benotzen d'Regierungsmembere fir hir Kommunikatioun normal Handyen oder benotzen si Cryptohandyen?

2. Benotzen d'Regierungsmemberen méi wéi een Handy oder Telefon am Alldag? Falls jo, benotzen all dës Handyen eng verschlësselt Kommunikatioun?

3. Mat wéi enge weidere Mesurë schützen d'Ministeren d'Donnéeën, déi d'Sécherheet vum Lëtzebuerger Staat a Gefor brénge kéinten?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député